


Net gutt ! Broschür iwwer d'Verbëtze vu Liewensmëttel

Pressematdeelung vum 28. Oktober 2016



D'Lëtzebuenger Stéit hunn an dësen Deeg eng Broschür heemgeschéckt kritt, wou direkt zwee Ministeren dran optrieden: d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg an de Landwirtschaftsminister Fernand Etgen. Et geet doranner haaptsächlech ëm d'Verbëtze vun lesswueren. Wann een d'Broschür esou kuckt, ass et awer éischer e Verbëtze vu Pabeier (a vun de Beem, aus deene Pabeier gemaach ginn ass).

Dat Maachwierk heescht „Gudd“, wat näischt heescht. „Gudd“ soll wuel dat Lëtzebuenger Adjektiv „Gutt“ sinn. Da steet nach um Deckel „Rezepter Mat engem Star Kach!“ an dat war et mam Lëtzebuergesch an därer Broschür, déi

praktesch ganz op franséisch ass. „In Kurzform“ ginn et e puer Zeilen däitsch Iwwersetzung an tatsächlech huet ee Geschäftsmann sech getraut, eng Annonce op Lëtzebuergesch ze maachen. Den dichteg ugekënnegten Artikel vum Star-Kach (ouni Bindestréch am Original) ass och op franséisch an heescht bannen an der Broschür mat sengem franséischen Titel och ganz anescht wéi bausen um Deckel.

Datt déi Broschür elo an därer Form erauskënnt, ass scho bal eng Provokatioun. Esou wäert se a ville Stéit vu Lëtzebuerg allerhéchstens fir Grompereschiele gutt sinn, well wéi e Lëtzebuenger wëll scho komplizéiert Texter iwwer Laboranalyse vu réier Mëllech zum Beispill op franséisch liesen. An déi gutt informéiert Kreesser vu Leit, déi keng Schwierigkeeten dermat hunn, schwéier franséisch Texter ze liesen, si jo net deen éischen Zilpublikum vun dësem Heft. Geet et hei net drëm, deene Stéit ze hëllefen, déi sech net bewosst sinn, wéi vill lesswuere si ewech geheien, wat dat kascht a wem kéint domat gehollef ginn? Eng Broschür op franséisch entsprécht einfach net dem Zilpublikum, dat hei am Land soll erreecht ginn!

Franséisch als Behëllefskommunikatiounssprooch mat de Frontaliere kann hei och keen Argument sinn: Eng informell Broschür vun der Lëtzebuenger Regierung, un d'Lëtzebuenger Stéit geriicht, mat engem Message, dee wichteg ass a vill soll gelies ginn, gëtt op franséisch vun der grousser Iwwerzuel vu Leit einfach net gelies. Déi Publikatioun, déi mat Lëtzebuenger Steiersue bezuelt gëtt, ass awer schliisslech net fir d'Groussregioun mä fir e Land, wou net ganz vill Fransouse wunnen. Dat ass, wann een dann net wëllt an der Sproochendiskussioun provozieren, op mannst e schlëmme Feeler an der Kommunikatioun. Op gutt Lëtzebuergesch geheit de Landwirtschaftsministär, dee responsabel ass, hei d'Suen zur Fënster eraus.